



**Äntwert vun der Justizministesch Sam Tanson op d'parlamentaresch Fro n°6950 vum
3 Oktober 2022 vun dem honorabelen Deputéierten Här Marc Goergen**

Ad 1

A sénger Sëtzung vum 30. September 2022 huet de Regierungsrat een Avant-projet vun engem Groussherzoglechtem Règlement ugeholl, deem d'Tranchë vum Barème, no deem d'Taux'en vun der Saisie gestaffelt sinn, un d'Lounskala (*cote d'application de l'échelle mobile des salaires*) upasst. D'Regierung hofft, dass dëse Projet zäitno a Kraaft triede kann.

Ad 2

Dat ass den Ament net firgesinn well déi systematesch Upassung a priori méi Rechtssecherheet bidd an méi einfach ëmzesetzen ass.

Lëtzebuerg, den 25 Oktober 2022.

D'Justizministesch

(s.) Sam Tanson